

WUNNEN ZU BRÉISSEL

wei? wat? wou?

Du bass op der Uni, respektiv der Héichschoul ugemellt, mais du hues nach keng Wunneng? Lee däin Kapp an Rou, d'Wunnengssich ass zwar ustrengend, mais du brauchts der keng Gedanken ze maachen, et fent een emer eppes.



Et ginn **verschidden Méiglechkeeten vir eng Wunneng ze fannen:**

- ✓ Du trëppels duerch d'Stroosse rondrëm d'Uni (oder do wous de soss wëlls wunnen) a kucks der d'Annoncen un, déi **an de Fënsteren** hänken. Do steet meeschtens och eng Telefonsnummer drop, da riffs de einfach do un wann et bëssen dat ass wats de sichs, a mechs dir e rendez-vous fir d'Wunneng kucken ze goen. Meeschtens kriss de schon en **Rendez-vous** Mëttes, sou dass de eventuel Owes heem fiers a schon eppes hues. Ech roden dir och nach de **Vlan** ze kafen (oder vlan.be), dat ass sou eppes wéi de Luxbazar, wou och vill Annonce fir Wunnengen dran sinn. Du kanns och iwwert eng Agence fueren, mee déi hun meeschtens éischter méi grouss Saachen, an et ass dacks bësse méi ëmständlech, mee am Prinzip muss du awer keng extra Käschte bezuelen (fro awer léiwer no).
- ✓ Du kanns um **service logement vun der ULB** froen, wat si der kënne proposéieren. Do gëtt et op alle Fall och Wunnengen um Campus, wou een plus minus zu 10 zesummen eng Kichen, Duschen an Toiletten deelt, a fir de Rescht eben säin eegent Zëmmer huet (mat engem Lavabo). Wanns de net op der ULB bas misst du vläicht och op denger Uni nofroen, ob si och su een Service du logement hun wou se de Studenten weiderhelefen.
- ✓ De **lëtzebuergesche Ministère** huet e puer Wunnengen op dem anere Campus vun der ULB, der Plaine, am Gebei IRENA, déi ee ka lounen. Dofir muss Du dech un de CEDIES wenden. Net ëmwerfend schéin, mee du wunns tëschent lauter Studenten, an si kaschten plus minus 350€ fir eng 25 m².
- ✓ Du kanns de mat **anere Leit zesumme wunnen** goen, d.h. an eng **Colocation**. Och dofir fënns Du Annoncen an de Fënsteren, kleng Ziedelcher déi op der Uni hänken, an Internetsäiten.
- ✓ Dann zur gudder Lescht, gin et nach **facebook gruppen**, wou d'Leit hiert Appartement posten wann se et verlounen, etc. Probéier einfach däin Glek an der Grupp BXL A LOUER - bouche à oreilles oder an eisem **CELB facebook Grupp Immo CELB**.

Generell kanns de eng Wunneng fannen vun **300€ bis 700€**, dat hänkt da bëssen dervun of ob et en Zëmmerchen ass oder e grousst Appartement.

Nach wichteg: **kot** = Studentenzëmmer, dat kann en Zëmmer sinn wous de awer Kichen a Buedzëmmer mat anere Leit deels, et kann och e klenge Studio sinn, wous de alles fir dech eleng hues.

Looss dech net vum Haus vu baussen ofschrécken: et gëtt super schéi Wunnengen an Haiser déi vun baussen wéi déi lescht Brak ausgesinn :)

A pass op **wéi laang de Bail ass**: am Prinzip ass et fir 3 Joer (wat net onbedéngt praktesch ass wann een dat éischt Joer do ass, an nach net weess wéi et engem do gefält). Mee et gëtt awer vill Propriétaires, zemoos bei méi klenge Studentewunnengen, déi och e Bail fir 1 Joer maachen. Pass drop op, a fro roueg no.

Wat d'**Géigend** betrëfft, géing ech der rode bei der ULB ze bleiwen. Dat ass de Quartier vun de Studenten, wou ëmmer eng lass ass. Et si souguer Studente vun anere Schoulen déi do wunne kommen, well et einfach eng agreabel Géigend ass. Dat ass d'Commune d'Ixelles (mee net alles wat zu Ixelles ass, ass direkt nieft der Uni). De "cimetière d'Ixelles" ass richteg d'"Häerz" vum Ulb-Quartier an eventuell och nach d'place Flagey.

Kaf dir am beschten direkt eng grouss Kaart vu Bréissel, da kanns de genau kucken wat dir ze wäit ass a wat net.

Den Comité vum CELB wëncht Dir vill Spaass bei der Wunnengssich an steet natierlech vir all deng Froen zur Verfügung.

Le CELB c'est quoi?

wei? wat? wou?

Le CELB est une association créée par des étudiants pour des étudiants. Depuis 1979 le Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Bruxelles contribue à enrichir la communauté estudiantine de Bruxelles.



Comment tu es concerné

Notre but est de contribuer à ta vie d'étudiant en te proposant certaines choses:

- T'informer :** Ton kot est loué, l'inscription à l'université est faite, ... reste à régler les détails.
Titres de transport, abonnements internet, flatrate mobile, télévision, les meilleurs frites et les gaufres les plus "hmmmmm" de la Belgique... attention, possibilité de pédaler dans la choucroute...
Tu as la possibilité de trouver toutes les informations nécessaire sur notre site www.celb.lu, à nos soirées d'informations, sur nos groupes facebook (voir infra pour plus de détails) et dans notre newsletter hebdomadaire.
- T'encadrer :** Le Cercle est le meilleur lieu de rencontre pour les nouveaux arrivés.
Pour faciliter ton intégration et te familiariser encore plus avec la vie à Bruxelles, nous nous engageons à te proposer une palette d'activités sociales, sportives et culturelles. C'est ainsi que nous estimons rendre plus agréable ton passage à Bruxelles et t'aider à découvrir le charme de cette ville magnifique.
- Te mettre en contact avec le monde du travail :** En dernier lieu, il y a le volet du marché du travail. En effet le Cercle a comme but de fournir une relation étroite avec le marché du travail.
Afin d'atteindre cet objectif, nous organisons divers évènements tels que les Meet&Greet en partenariat avec les entreprises de différents secteurs.

Comment devenir membre?

C'est très simple... Inscris-toi lors d'une de nos prochaines activités et commence à profiter à fond de ta nouvelle vie estudiantine.

La communauté luxo-bruxelloise sur facebook:

Besoin d'aide pour trouver ton futur kot? Visite vite le groupe Immo CELB sur facebook. Une plateforme où tu trouves les dernières nouvelles concernant des kots qui se libèrent, d'autres étudiants cherchant une colocation, ...
Pas de voiture? Mais beaucoup de bagages? Sur le groupe Covoiturage CELB sur facebook tu trouveras quelqu'un disposant d'une voiture!
Trop paresseux pour faire du sport toi-même? Voici le groupe facebook Sport CELB, où tu trouveras de l'aide pour empêcher de prendre du ventre!

